

luntaristesches wëllt higoen, fir d'Entwécklung an enger éischter Phas emol ze stoppen, an dann ze kucken an de Prinzip vum Pollueur-payeur eranzekommen; dee Prinzip, dee mer alleguer ëmmer am Mond hunn an esou virun an elo hei eng éischte Kéier probéieren dann och ëmzesetzen.

Ech wëll och iwwert déi Autossteuer e Wuert soen, well dat e gutt Beispill ass, fir de Wee ze kucken an de Prinzip vum Pollueur-payeur eranzekommen; dee Prinzip, dee mer alleguer ëmmer am Mond hunn an esou virun an elo hei eng éischte Kéier probéieren dann och ëmzesetzen.

Obscho seng zwee konkret Autosbeispiller, déi de Statsminister a senger Ried bei der Regierungserklärung genannt huet, kloer waren, hat een an den Deeg duerno an haut nach d'Gefill, dass mer decidéiert hätten, d'Autossteuer iwwert d'Bank ze vervéier an ze verfënnfachen. An dofir hu mer an deene leschten Deeg einfach och emol gekuckt, wat déi Proposition, déi mer gemaach hunn, vu konkreten Effeten huet, fir einfach dobaussen ze objektivéieren an e rouegen Discours mat de Bierger och iwwert déi Fro kënnen ze diskutéieren, déi eng wichteg Moossnam ass um Niveau vun dem Aktionsplang, dee mer virgeluecht hunn.

Ech hu virdu bei der Äntwert op dem Kolleeg Norbert Hauptert seng Fro scho gesot, dass déi Autostax fir d'éischte Kéier 1984 ugepasst ginn ass. Elo kënnen mer nokuken, wie war schëlleg drun, dass mer net kontinuéierlech déi Tax ugepasst hunn, fir dass se haut net zu engem Retard kënnt vun 61%, déi se haut op d'Lounentwécklung huet. Ech soen och objektiv, dass do wou d'Autostax zu Lëtzebuerg haut 81 Euro d'Joer kascht, se an der Belsch 380 Euro fir deeselwechten Auto kascht an an der Bundesrepublik Däitschland bei 308 Euro läit. Och dat, mengen ech, muss een awer an engem Débat roueg an objektiv soe kënnen.

A mir hunn um Niveau vun där Proposition - ech soen nach eng Kéier där Proposition -, déi mer haut gemaach hunn, festgestallt, dass bei där neier Tax 60% eng Tax bezuelen, déi weëneger wäert si wéi 165 Euro pro Joer fir en Dieselauto - dat ass, mengen ech, déi Proposition, déi mer haut maachen. Déi ass da par rapport zu den Taxé wéi se an Däitschland oder an der Belsch sinn nach ëmmer do drënner. An och bei deene groussen Autoe stelle mer fest, dass 15% vun dem gesamte Fuerpark haut mat där neier Tax eng Tax wäerte bezuelen, déi iwwer 300 Euro wäert leien. Do läit een, wann een dat eleng mat der Belsch vergläicht, wou ee fir déi Autoen haut 1.000 Euro Autossteuer bezilt, nach ëmmer drënner. Dat sinn nach eng Kéier déi Verhältnisser, déi mer hu bei där neier Tax, déi mer elo proposéieren.

An ech wëll och soen, no deene Berechnungen, déi mer gemaach hunn, dass ronn zwee Drëttel - jo effektiv zwee Drëttel - vun de Leit, déi d'Autossteuer bezuelen, elo mat där neier Tax manner wéi 100 Euro d'Joer méi bezeule wéi dat, wat se virdu bezuelt hunn.

Elo kënnt ee soen: Dat ass nach ze vill. Sécherlech kann een där Meenung sinn, an ech hu virdu gesot, ech hu Versteesdemech fir Leit mat klengen a mëttleren Akommissen, déi der Meenung sinn, dass dat vläicht am Kumul vun allem fir si ze vill ass, mä trotzdem, mengen ech, muss een endlech eng objektiv Debatt féiere fir ze kucken, wat ass deen Ëmweltbäitrag, dee mer vun de Leit verlaangen, fir effektiv um Niveau vun den Zilsetzunge vum Klimawandel weiderzekommen.

■ **M. le Président.** - Här Minister, erlaabt Der eng Zwëschefro vum honorabelen Här Jaerling?

■ **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Also, Här Minister, Dir hutt elo grad gesot, dass déi Leit, déi

elo bezuelen, mat där neier Steuer 100 Euro manner bezuele wéi se virdu bezuelt hunn, da kréiche se jo theoretesch 19 Euro erëm.

■ **Une voix.** - Neen.

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Ech mengen, ech hätt mech richteg ausgedréckt.

(*Interruptions*)

■ **Une autre voix.** - Mir hunn lech verstanen.

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Zwee Drëttel vun de Leit bezuele mat där neier Autossteuer manner wéi 100 Euro méi wéi se elo bezuelen.

(*Interruptions*)

Dat war, mengen ech, dat, wat ech gesot hunn.

Ech mengen och, dass haut de Mëtten zwee Punkte wichteg sinn, fir och kloer ze maachen, dass mer deem Débat, deen dobausse gefouert gëtt, nolauschten an dass mer och sensibel sinn, deem Débat do Äntwerten ze ginn. Dofir wëll ech och de Mëtte soen, dass mer eis an der Regierung eens gi sinn, fir bei der Autossteuer e Bonus fir déi Autoen anzeféieren, déi fréizäiteg déi sou genannten Euro-5-Norm erfüllen, an domadder sécherstellen, dass déi Leit, déi e Russpartikelfilter sech ugeschaf hunn, och iwwer e Bonus bei der Autossteuer eppes wäerten zegutt kréien.

Ech mengen, dat ass eng Äntwert op vill zum Deel berechtigt an objektiv Froen, déi mer dobausse gestallt kritt hunn. An ech wëll och zweetens soen, dass mer schonn der Meenung sinn, dass mer um Niveau vum Taux, dee mer wëllen aféieren, bei deene wierkech klengen Autoen e gewëssene Korrektiv maachen, fir wierkech dofir Suerg ze droen, dass fir déi kleng Autoen, déi e klengen Ausstouss hunn, och wierkech keng Augmentatioun vun 100% kënnt, mä dass een do wierkech soll dofir suergen, dass eng manner héich Augmentatioun kënnt, fir och dem Souci vun deene Leit do kënnen eng Äntwert ze ginn.

An drëttens wëll ech schlussendlech eppes soen, wat mer immens wichteg ass, well ech dee Virwurf déi eng oder déi aner Kéier och am politesche Raum héieren hunn, nämlech ze soen, déi Suen, déi aus der Kontributioun Kyoto op de Bensin an op den Diesel agefouert ginn, kommen integral an de Kyoto-Fong a sinn also do, fir Moossnamen, nationaler an internationaler, am Beräich vun de flexibele Mechanismen ze maachen. Ech wëll och soen, dass déi zousätzlech Recetten aus der Autossteuer, déi bei tëschent 35 a 40 Milliounen d'Joer wäerte leien - da ginn 20% un d'Gemengen of -, och wäerten dofir do si fir déi noutwendeg Verstärkung vun de Kreditter vum Ëmweltministère an der Ëmsetzung vun deem Aktionsplang. Do wäerte mir duerfir Suerg droen.

Déi sinn net dofir do, fir d'Lächer vun iergendengem Budgetséquilibrium ze stoppen, mä déi wäerten dofir genotzt ginn, fir a villen eenzelne Filiären - et geet u beim Fong selwer am Ëmweltministère, mä och bei villen anere Politiken - dofir ze suergen, dass déi Kreditter vum Ëmweltministère gestärkt ginn, fir dass mer déi Aufgab net nëmmen an dem groussen Fong, mä och an de kleng Politiken, zum Beispill vis-à-vis vun de Gemengen an der Subventionéierung vu Projeten, déi do gemaach ginn, dass déi och deementsprechend dotéiert wäerte ginn. Ech mengen, och dat ass eng wichteg Kloeerstellung par rapport zu där Diskussioun, déi dobausse gefouert gëtt.

Ech wëll ofschléissend soen, dass et eng gedeelte Verantwortung ass. Dofir hu mer déi sou genannten „task force“ agesat, fir dass de Wirtschaftsminister schnell an dé-

cidéiert mat enger neier Wärmeschutzveruerdnung kënnt, an d'Ëmsetzung vun der Biocarburant-s-Direktiv virhëlt.

Wat kloer ass, ass, dass de Landwirtschaftsminister sech aklénkt, fir am Beräich vun der Biomass vum Holz dofir ze suergen, dass d'Agrikultur en engagéierte Partner gëtt, fir och all déi Potenzialer erauszekëddelen, dass de Claude Wiseler als Bauteminister, fir d'éischte Kéier eng extra Dotatioun vun 30 Milliounen Euro kritt, fir energetesch Sanéierung vu bestoenden öffentliche Gebaier ze maachen,...

■ **M. le Président.** - Här Minister, Dir kënnt zum Schluss kommen.

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - ...dass den Innenminister dofir suergt, fir och kloer ze maachen, dass mer bei de Gemengen, wou jo heiansdo Diskussiounen sinn iwwert d'Kompetenze vun de Gemengen an deem Beräich, och weiderkommen an d'Gemengen als Partner aktiv ginn, fir an där Politik matzehëllefen. An ech wäert och dofir suergen, dass den Ëmweltminister mam Transportminister schwätzt, fir dass den öffentlichen Transport och weidergeet. Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domat ass déi Debatt ofgeschloss.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 5530, eng Konvention am Beräich vum internationale Schinneverkéier. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Roland Schreiner. Här Schreiner!

8. 5530 - Projet de loi portant approbation du Protocole, signé à Vilnius, le 3 juin 1999, portant modification de la Convention relative aux transports internationaux ferroviaires (COTIF), du 9 mai 1980

Rapport de la Commission des Transports

■ **M. Roland Schreiner** (*LSAP*), *rapporteur.* - Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Frënn Ministeren, ech probéieren dann deen net onkomplizéierte Sprong vu Kyoto op Vilnius ze maachen. Zu Vilnius, der Hauptstadt vu Litauen, gouf nämlech den 3. Juni 1999 no véierjähregen Diskussiounen a 25 Sitzungen e Protokoll ënnerschriwwen, deen d'Konvention iwwert den internationale Schinneverkéier, kuerz COTIF genannt, deen den 9. Mee 1980 zu Bern ënnerzechent ginn ass, ofännert.

Lëtzebuerg gehéiert zu deenen 42 Staten, déi dës Konvention mëttlerweil ënnerschriwwen hunn, an ass dofir och opgefuerdert de Protokoll vu Vilnius ze ratifizéieren. Mat dem Vote vum Projet de loi 5530, dee mer haut hei um Ordre du jour hunn, soll d'Chamber deemno dës Opfuerderung nokommen.

De Projet de loi ass de 16. Januar 2006 déposéiert ginn. De Statsrot huet de 7. Mäerz 2006 säi favorablen Avis derzou ofginn. An hirer Sitzung vum 23. Mäerz 2006 huet d'Transportkommissioun sech de Projet an den Avis vum Statsrot ugekuckt a mech als Rapporteur designéiert. An de 27. Abrëll huet d'Kommissioun dann de Rapport zum Projet, deen lech virläit, ugeholl.

D'COTIF ass eng Konvention, déi éischter technescher Natur ass - dat wäert Der gemierkt hunn -, déi

awer fir d'Entwécklung vum Eisenbunns wiesen an Europa an doriwwer aus vum grousser Bedeitung ass. Si gouf, wéi gesot, den 9. Mee 1980 ënnerschriwwen, an ass den 1. Mee 1985 a Kraaft getrueden, nodeem dass och eis Chamber duerch d'Gesetz vum 4. Mee 1983 hir Zoustëmmung ginn hat.

D'COTIF stellt eigentlech e Kadergesetz duer, wat zum Zil huet, eenheetlech Rechtsstrukturen am internationalen Eisenbunnstransport ze schafen, also d'Spillregelen ze definéieren, no deenen d'Transporter iwwert d'Schinn um internationale Plang ofgewéckelt ginn. Mat dem A-Kraaft-Triede vun dëser Konvention ass och d'OTIF, d'Organisation intergouvernementale pour les Transports Internationaux Ferroviaires, gegrënnt ginn.

D'Zil vun dëser Organisation ass et, d'Gesetzer an de Memberstaten, déi den internationale Schinneverkéier betreffen, ze harmoniséieren a gemeinsam Regeln anzeféieren, déi den internationalen Transport iwwert d'Schinn erliichteeren. Dës Regele betreffe souwuel de Voyageur - wéi och de Fret-Beräich. Zu de Membere vun der Organisation gehéieren d'EU-Staten, Länner aus Nordafrika an aus dem Noen Osten an eng Rei vu Staten aus Osteuropa.

Zënter dem Joer 1980, wou d'Konvention festgeluecht gouf, an haut huet sech natierlech vill verännert. D'Rahmbedingungen um politeschen, ekonomeschen, juristeschen an och techneschen Plang hunn an all deene Joreng eng Evolution matgemaach, déi sech natierlech och op den internationale Schinneverkéier auswierkt. Dat gëllt virun allem fir d'Europäesch Union, wou de gemeinsame Bannemaart realiséiert gouf, an déi sech no dem Zesummebroch vun der Sowjetunion an der europäescher Osterweiterung dättelech vergréissert huet.

D'Membere vun der OTIF waren duerfir zu Recht der Meenung, dass een d'Konvention vu 1980 misst deenen neie Gegebenheeten upassen. An dat ass 1999 iwwert de Wee vum Protokoll vu Vilnius geschitt.

Fir kënnen a Kraaft ze trieden, musse mindestens zwee Drëttel vun de Memberstaten den neie Protokoll akzeptéieren. Dëse Seuil ass viru kuerzem erreecht ginn, nodeem d'Türkei de Protokoll ratifizéiert huet, esou dass déi ëmgeännert Konvention elo den 1. Juli vun dësem Joer kann a wäert a Kraaft trieden.

Bon, wat ännert sech elo konkret no dësem 1. Juli? Zum enge gëtt et e puer Verännerungen, déi d'Organisation an hire Fonctionnement selwer betreffen, an zum anere modifizéiert de Protokoll och déi gemeinsam Regeln op enger Rei vu Pläng.

Wat d'Organisation betrëfft, esou gëtt virun allem hir Zilsetzung erweidert. Si soll an Zukunft dozou bäidroen, Hindernisser, déi de Schinnentransport iwwert d'Grenze behënneren, ofzeschaffen. Hir Aufgabe gëtt et och, eng technesch Harmonisatioun ze fördern, a gemeinsam technesch Normen auszeschaffen, fir dass d'Interoperabilitéit tëschent deene verschiddeenen Netzer ka verbessert ginn. Innerhalb vun der Organisation kënnen och eenzel Memberstaten nei international Konventionen ënnerschreiwen, déi dës Zilsetzungen ënnerstëtzen.

Domadder wäert sech d'OTIF an Zukunft mat alle Problemer beschäftegen, déi fir den internationale Schinnentransport relevant sinn, an déi an den Zoustännkeetsberäich vun deenen eenzelne State falen. D'OTIF soll déi eenzeg tëschestaatlech Organisation ginn, an där d'Memberstate sech zesummeffannen, fir dës Problemer ze léisen. Am Beräich vum internationale Schinneverkéier soll si dat ginn, wat beispillsweis d'IMO fir d'Schëffahrt, oder ICAO fir déi zivil Aviatioun duerstellt.

Am Moment gëtt et nieft der OTIF aner Formen vun internationaler Zesummenaarbecht, déi och den internationale Schinneverkéier beaflossen, wéi zum Beispill d'Europäesch Communautéit. Dat bréngt automatesch problematesch Iwwerschneidungen, a ganz oft och Double emploi mat sech. Méi einfach a méi rationell ass et, dës Problemer op engem eenzege Niveau ze léisen.

Besonnesh d'Liberaliséierung am Transportberäich mécht et noutwendeg, fir kloer an eenheetlech Spillregelen opzestellen. A ville Länner gouf mëttlerweil den Transport vun der Infrastruktur getrennt. Amplaz vun engem Statsmonopol gëtt et fräi Konkurrenz. Dofir ginn awer nei eenheetlech Regele gebraucht. A wann déi gläichzäiteg a sechs verschiddeenen Organisationer verhandelt ginn, ass dat natierlech extrem zäitopwendeg, deier an och ineffizient. Mat dem Protokoll vu Vilnius mécht d'OTIF sech prett, fir déi leedend Organisation ze ginn, ënnert där hirem Daach sech all aner Organisationer zesummeffannen, déi mam internationale Schinneverkéier ze dinn hunn.

Fir dësen neien Aufgaben och gerecht ze ginn, gëtt sech d'OTIF dann zum Deel och nei Strukturen. Niewent der Assemblée générale, déi nëmmen all dräi Joer zesummekënnt - woubäi dräi Joer schonn eng Verbesserung duerstellt par rapport zur Situatioun vun haut, wou et fënnef Joer nach sinn -, ginn d'Geschäfte vun engem Comité administratif geleet, deen an Zukunft esou zesummegeest gëtt, dass d'Membere, déi hei siégéieren, méi oft wiessele kënnen. Dat soll derfir suergen, dass all d'Memberstate méi intensiv kënnen mat agebonne ginn.

No der modifizierter Konvention kënnen iwweregens net nëmmen eenzel State Member vun der Organisation ginn, och d'Europäesch Gemeinschaft kritt eng Méiglechkeet, fir selwer als EU bäizetrieden. Si huet och schonn am Joer 2002 ugekënnegt, dass si wëllt Member ginn. Entsprechend Verhandlung goufen och scho gefouert an en Accord ausgeschafft. Wann d'Konvention elo a Kraaft trëtt den 1. Juli an d'Generalversammlung dësem Accord zoustëmmt, wäert d'Europäesch Communautéit och als nei Member derbäi sinn.

Vu dass d'OTIF an Zukunft vill méi e groussen Zoustännkeetsberäich huet, enthält de Protokoll vu Vilnius schonn nei eenheetlech Bestëmmungen, déi deem och Rechnung droen. Och goufe bestehend Regelungen un deen zum Deel liberaliséierten Transportsecteur ugepasst. Et mécht elo net vill Sënn, fir hei am Detail op dës Bestëmmungen anzegoen.

Et sief just gesot, dass zu deenen neie Beräicher ënner anerem méi eng grouss Rechtssécherheet ronderëm d'Sécherheet am internationale Schinneverkéier an dem Transport vu geféierleche Substanzen gehéiert, an dann d'Froe vun der Responsabilitéit, wann en Transporteur zum Beispill eng Infrastruktur benotzt, déi him net gehéiert, oder och technesch Standards, déi fir d'Zuchmaterial a fir d'Infrastruktur gëllen.

Fir de Rescht verweisen ech op de schrëftleche Rapport, dee méi am Detail op déi eenzel Aspekter ageet, an ech géif lech bieden och an deem Sënn dësem Projet de loi Är Zoustëmmung ze ginn, an ech wëll dat och heimat am Numm vun der LSAP-Fraktioun maachen. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn iwwerzeegt, datt d'Regierung grad wéi d'Fraktiounen allegueren deenen detailléierten Ausféierung vum honorabelen Här Schreiner hei follegen, an deementsprechend den-

ken ech, dass mer direkt zur Ofstëmmung vun dësem Projet kënnen kommen.

(Brouhaha et hilarité)

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

■ **M. le Président.** - De Projet de loi ass eestëmmeg ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Emile Calmes) et Claude Meisch;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eiseem Ordre du jour, dat ass d'Interpellatioun vum Här Mehlen iwwert d'Landwirtschaft. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeleeht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Goerens, den Här Schneider an den Här Kox. D'Wuert huet elo den Interpellant, den honorabelen Här Robert Mehlen.

9. Interpellation de M. Robert Mehlen au sujet de la politique agricole

■ **M. Robert Mehlen (ADR), interpellateur.** - Merci, Här President. Fir unzefänken e puer Virbemierkungen - eng, déi ech net virgesinn hat. Ech hoffen, datt d'Regierung nolauschtert.

■ **Une voix.** - D'Regierung ass do, Här Mehlen.

(Brouhaha et hilarité)

■ **M. Robert Mehlen (ADR), interpellateur.** - Ech si berouegt.

Här President, ech ka mer virstellen, datt d'Meenungen iwwert d'Bedeitung vun enger spezifischer Debatt iwwert d'Orientierungen am Agrarsektor an dësem Haus wäit ausernee ginn. Dat virun allem, well eist Land de Moment an enger seriöser Kris stécht, an d'Propositioune vun der Tripartite respektiv der Regierung an der jëtzege Situatioun d'politesch Debatten dominéieren.

De Fait, datt den Agrarsektor schoonn zënter Joren an der Deklaratioun vun der Regierung zum État

de la nation praktesch net méi ernimmt gëtt, weist och, datt déi reell Bedeitung vun der Landwirtschaft um politesche Plang net méi richtig ageschat gëtt.

Et wär awer falsch, fir den Agrarsektor - Landwirtschaft, Wäibau, Gaardebau, Forstwirtschaft - an der Debatt iwwert d'Zukunftsgestaltung vun eiseem Land als isoléierte Sektor ze gesinn, dee grad nach 0,6% zur Valeur ajoutée brute par rapport zu eiser gesamter Ökonomie bäisteiert, oder nëmme méi 1,3% vun der aktiver Populatioun duerstellt.

Et ass dofir och meng Ambitioun, fir déi wéineg Zäit, déi leider fir dës Debatt zur Verfügung steet, derfir ze notzen, fir prioritär d'Bedeitung an déi zukünfteg Roll vun der Land- a Forstwirtschaft an eiser Gesellschaft, an eiser Ökonomie an an eiser Ëmweltstrategie ze belichten an doraus Konklusiounen ze zéien.

De Fait, datt mer duerch déi aktuell Energiekris an den ëmmer méi däitlech spierbare Klimawandel viru gewaltene Eerausfuerrunge stinn, zwängt eis dozou, fir dem Agrarsektor an Zukunft eng vill méi grouss Bedeitung zouzemoossen an e politesch mat ganz aneren Aen ze kucken.

Dofir ass dës Debatt haut virun engem ganz aneren Hannergrond ze féieren, wéi dat nach virun e puer Joer de Fall war. An ech wär dankbar, wann d'Majoritéit vun de Membere vum Lëtzebuurger Parlament dat och géifen esou gesinn, an dës Debatt als e wichtege allgemeng-politeschen Exercice géife verstoen, dee jiddferen hei am Land direkt betrëfft, an net nëmme eng Minoritéit vu Leit, déi hiert Brout an der Landwirtschaft, am Wäibau oder anere landwirtschaftleche Beräicher verdéngen.

Och d'Aufgab, déi den Agrarsektor um Gebitt vun der Nahrungsmittelversuergung ze erfüllen huet, ass net ze négligéieren, och wann eng relativ laang Zäit vun Iwwerfloss, déi et ni virun an der Mënschheetsgeschicht ginn huet, derzou gefouert huet, datt den Aspekt Sécherung vun der Ernährung ganz an der Vergiess geroden ass, an et esouguer Leit gëtt, déi mengen, et wier besser a méi bëlleg, eis landwirtschaftlech Produktioun opzeginn an eis Liewensmëttel ganz ze importéieren.

Et ass nämlech eng onbestriden Tatsaach, datt d'Zuel vun de Mënschen op dësem Globus ëmmer nach onheemlech séier zouhëlt mat plus/minus 80 Milliounen pro Joer, an anerersäits déi fruchtbar Biedem gradesou séier ofhuelen. De Klimawandel verstärkt dës Entwécklung nach dramatesch.

D'Klimatologe soen zum Beispill fir Spuenien an deenen nächste Joren eng Wüstenbildung viraus, déi net méi opzehalen ass, an déi eng normal landwirtschaftlech Produktioun onméiglech maache wäert. Datselwecht géillt fir aner Regiounen am Süde vun Europa.

Och dës Donnéeën zwängen eis dozou, fir de Stellwäert vun der Landwirtschaft haut mat ganz aneren Aen ze kucke wéi virun e puer Joer. D'Ofsécherung vun der Nahrungsmittelversuergung aus eegene Ressourcë wäert dofir an Zukunft erëm méi e grousses Stellwäert kréien, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war. Eng Regierung, déi dësen Aspekt vernoëlissege géif, géif fahrlässege vis-à-vis vun hirer Populatioun handeln.

An der aktueller Kris, wou mer finanziell extrem ofhängeg si vun der Finanzplaz an dem Bensinstourismus an Industriebetriber wackelen an zoumaachen, wou de Chômage wüsst an d'Diversifizierung vun der Ökonomie bluttnoutwendeg ass, wär et onbegreiflech, wa mer déi Potenzialitéiten, déi den Agrarsektor bitt, net géife voll a ganz ausschäffen. Aner Länner maachen dat, a si wësse woufir.

Hei zu Lëtzebuerg, an dat ass e weidere Punkt, sti mer eng Kéier méi virun der Ëmsetzung vun enger Agrarreform mat dem Ausschaffe vum PDR - Plan de Développement Rural - an domat verbonnen engem neien Agrargesetz. Dat geschitt traditionell méi am stillen Kämmerlein wéi an engem grouss ugeluechte politeschen Denkprozess, an ech fäerten d'Chamber wäert wuel erëm eng Kéier mat der Fuerrderung konfrontéiert ginn, de Projet de loi esou séier wéi méiglech ze votéieren, well soss ze vill Zäit géif verluer goen an déi Betreffen de Schued ze droen hätten.

Dofir, Här President, gesinn ech dës Interpellatioun och als Méiglechkeet, fir op d'mannst usazweis eng Orientéierung ze ginn, wéi dës Léiglatioun a Réglementatioun soll ausgeriicht ginn.

A leschte Punkt vu mengen allgemenge Bemerkungen zur Introductioun: Den Agrarsektor ass e Sektor mat ganz ville Facetten, an iwwer ganz vill Aspekter wär sécher vill Wichtige ze soen. Dat ass an dësem Débat net méiglech, an dofir gesinn ech mech gezwongen, mech a menger Interventioun op déi wichtegst Aspekter ze limitéieren.

Fir d'éischt den internationalen an europäesche Kontext. Här President, wann een d'Nohaltegkeet als Maassstab fir d'Beuerteilung vun der internationaler Agrarpolitik hält, da kënnt een zur Erkenntnis oder zum Resultat, datt dat eng eenzeg Katastroph ass.

D'Globaliséierung vun den Agrarmäert geschitt haaptsächlech am Intressi vun de multinationalen Agrarhandelskonzernen, awer net am Intressi vun de Mënschen an der Ëmwelt. D'Weltmaartpräisser, déi ëmmer als Referenz geholl ginn an deene ganzen Diskussiounen, si keng reell Präisser.

Woufir? Well et relativ kleng Mäert sinn, awer Iwwerschossmäert, dat heescht, déi Länner, déi ze vill hunn, probéieren dat, wat se ze vill hunn, op déi Mäert ze drécken, a bekanntlecherweis gëtt dann Dumping gemaach. Dofir kann een déi Präisser och net als Referenz huelen, wann een iwwer reell a käschendeckend Agrarpräisser schwätzt.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

D'Europäesch Unioun, dat ass op jidde Fall eis Meenung, huet sech leider vun den USA an den Eck drécke gelooss, an dat mierkt een am beschten an der Fro vun der Akzeptanz vun den OGMen, dat heescht de genmanipuléierte Planzen, wou mir der Meenung sinn, datt d'Charge de la preuve bei deene läit, déi Saachen, déi se artificielllement manipuléiert hunn, an d'Ëmwelt entloossen, datt et un deenen ass, fir ze beweisen, datt dat onschiedlech ass, an net ëmgekiert!

Et ass net esou, datt d'Europäer musse beweisen, dass et schiedlech ass, fir et kënnen ofzelehnen. Dat sinn alles Saache vu Verhandlungspositiounen a vu Verhandlungstäerkt. Et muss ee leider feststellen, datt d'EU an deem Punkt noginn huet.

D'Transporter vun de Liewensmëttel droen dem CO₂-Ausstouss an deene Käschten, déi domat verbonne sinn, an de Folgen iwwerhaapt keng Rechnung. Dofir sinn déi international Agrarmäert total verfälscht. D'Zil muss sinn a bleiwen, fir sou wäit wéi méiglech lokal a regional ze produzéieren an ze konsuméieren.

Här President, d'ganz Weltpolitik ass an Zukunft virum Hannergrond vun der CO₂-Problematik ze revidéieren an d'Europäesch Unioun ass an der Pflicht - an eis Regierung

och -, fir do matzehëllefe fir dohin ze kommen.

D'europäesch Agrarpolitik ass virun dësem Hannergrond eng falsch Politik a si muss dréngend revidéiert ginn. Mir mussen et an Zukunft fäerdeg bréngen - a mir hu jo elo grad zum Deel driwwer geschwat - den Energiesektor als neie Sektor ze entwéckelen. Dat hätt den immens positiven Effekt, datt verschidde Liewensmëttelmäert, déi ënnert der Iwwerproduktioun, dem Iwwerangebot um Maart leiden, ze entlaaschten an erëm zu méi verstännegen a käschtedeckende Präisser ze kommen.

A wann ech bei de käschtedeckende Präisser sinn: Fir ee Kilo Weess - an ech hat wëlles eng Tut matzebréngen a se heihinner ze stellen, wéi och schonn anerer dat e bësse méi veranschaulicht hunn - kritt de Bauer zéng Cent.

Här President, haut si vill Leit, déi bécke sech net méi, fir zéng Cent operafen. Fir ee Kilo Weess, deen e ganz Joer brauch fir ze wuessen, wou enorm vill Investissement drastécht, kritt de Bauer zéng Cent. Fir déi reell Käschten ze decken, missten et der minimum 16 sinn. Dofir si jo och Ausgläichzahlungen an eng ganz Bürokratie, déi domat verbonnen ass, agefouert ginn, ëm déi déi fréier Bürokraten an de kommunistesche Länner eis géife beneiden.

Dat, Här President, ass net normal, dat ass verréckt, an dat muss sou séier wéi méiglech geännert ginn, och wann et deenen, déi dësen Unfug verbrach hunn, net an de Krom passt. D'Interesse vun de Mënschen a vun der Ëmwelt musse sech géint d'Interesse vun de Multien duerchsetzen, soss kritt d'Politik ganz zu Recht virgeworf, si hätt versot.

Wat ergëtt sech doraus als grundsätzlech Orientéierung um nationale Plang? Dat ass mäin zweete Punkt.

Här President, mir sinn der Meenung, datt am europäesche Kader, deen eis gestallt ass, mer eisen nationale Spillraum, dee mer do hunn, voll a ganz mussen ausnotzen duerch d'Applikatioun vum Subsidiaritéitsprinzip, dee jo ëmmer beschwuer gëtt.

Mir mussen dofir suergen, Här Minister, datt d'Akommeshëllefen deenen zugutt kommen, déi aktiv an der Landwirtschaft schaffen, an net deenen, déi de Beruff opginn oder opginn hunn. Mir mussen alles drusetzen, eng überbordend Bürokratie konsequent ofzebauen. Mir mussen an Zukunft méi an d'Hänn vun der Bauereverriedung, vun der Landwirtschaftskammer selwer iwwerginn, an d'Regierung soll sech méi op hir Aufgab beschränken, fir ze kontrolléieren, datt alles richtig ëmgaset gëtt an datt keng Abusë bedriwwen ginn.

Dofir si mir och der Meenung, datt een d'Landwirtschaftskammer, déi finanziell op vill ze vill schwaache Féiss steet, fir hir Roll richtig kënnen ze erfüllen, och misst méi ënnerstëtzen. Mir sinn der Meenung, datt dat och zur Ausnotzung vum nationale Spillraum gehéiert.

Nohaltegkeet als Prinzip heescht, den Energiesektor - an dat net nëmme als eng marginal Ajoute un dat, wat d'Landwirtschaft bis elo gemaach huet, mä als wierklech wichtegst Standbeen - konsequent entwéckelen an op e Maximum ausbauen. An zwar aus ëmweltpolitescher Siicht, woubäi e ganz wichtege Punkt deen ass, dass et net drëm geet, fir egal wat ze maachen, d'Haaptsaach ass, et huet eppes mat Energie ze doen, mä fir eppes do ze maachen, wou d'CO₂-Effizienz am héchsten ass.

D'Fuerschung an d'Entwécklung vun der Waasserstofftechnologie muss ganz konsequent virugedriwwen ginn. Et kann net sinn, datt mer do - wéi dat esou dack de Fall ass - hannendrolafen an anerer eis viraus sinn. Et sollt awer - an dat

ass och eise Wonsch - demokratiesch gehandhaabt ginn. Dat heescht, dee ganzen Energiesektor an der Agrarwirtschaft soll sou wäit wéi méiglech an den Hänn vun den Agrarproduzenten bleiwen an net an d'Hänn vun iergendwelleche Konzerne geroden, an dann d'Produzenten dozou condemnéiert ginn, fir als Rohstoffproduzenten just d'Matière première zu engem bëllege Präis ofzeliwweren.

Här President, mir schwätze scho jorelaang iwwer Diversifikatioun: Geméissbau, Fëschzucht, déi am Ausland enorm zouhëlt, Geflügel an esou weider. Mir fannen an Ärem Rapport, Här Minister, Zuelen iwwer Importer an Exporter vun Agrarprodukten. Ech trauen deenen Zuelen zwar net, iergendepes stëmmt do net richtig, entweder et si Frangen, oder d'Euroe stëmmen net, mä dat si Chifferen, déi iwwersteigen all Virstellungen; ech mengen, do ass en Iertum geschitt, mä dat kann ee jo awer nokucken. Mä et gesäit een, datt e ganz ganz groussen Ënnerschied ass tëscht deem, wat mer importéieren, an deem, wat mer exportéieren; dat sinn net nëmme Orangen a Bananen. Mir könnte wesentlech méi maachen, mä mir schwätzen dovun an um Terrain beweegt sech net vill.

Drëtte Punkt: Akommes- a Struktur-entwécklung an eise Betriber.

Viroop ganz generell Froen. Mir schwätzen ëmmer vu Gesund-schrumpfung a schonn esou wäit ewéi ech zrëckdenke kann - dat ass scho relativ laang - ass ëmmer vu Gesund-schrumpfung geschwat ginn. Ass et gutt, wa weiderhin all Joer ronn 50 Betriber zoumaache respektiv ophalen? Ass et gutt, wann d'Betriber - déi, déi bleiwen - gezwonge ginn an engem Mooss ze wuessen, datt et e seriöse Problem mat der Finanzéierung vun dësem Wuesstem gëtt? A wiem ass domat gehollef, virum Hannergrond vun engem Chômage hei am Land, deen, wéi mer wëssen, eng ganz onglécklech Entwécklung geholl huet?

Et kann ee sech d'Fro stellen: Wat ass dann déi gesamtekonomesch sénnvollst Form vu Betrib? Et gëtt jo Leit, déi der Meenung sinn, wat e Betrib méi grouss ass, wat hie méi rentabel ass.

Här President, mir deelen déi Meenung net. De Familljebetrieb ass mat Sécherheet déi rationellsten, wann och déi onsozialst Form - wat ville Leit net bewosst ass. An dat ass an där heiteger Situatioun den Hauptproblem. D'Aarbechtsbelaaschtung, déi Stonnen, déi musse preséiert ginn, d'Mataarbecht vun de Familljemembere, ouni déi et net geet, si Situatiounen a ville Betriber, déi sozial net méi ze vertrieide sinn an déi dofir dozou féieren, datt d'Betriber op Dauer net iwwerlebensfäeg sinn, well déi Jonk dat net méi matmaachen.

Et ass e beonrouegende Phänomen, datt vill Bauerejongen, fir iwwerhaapt hire Betrib kënnen weiderzeféieren -, fir eng Famill ze grënnen, sech bal gezwonge gesinn, an osteuropäesch Länner eng Fra sichen ze goen, well déi eventuell nach bereet ass, déi Aarbechtsbelaaschtung an déi onsozial Konditiounen ze erdroen, well dat hei zu Lëtzebuerg praktesch kee méi bereet ass matzemaachen.

Zu der aktueller Akkommessituatioun: Aus Ärem Rapport geet ervir, datt de Moment eng Aarbechtskraaft an der Landwirtschaft 80% vum Revenu comparable verdéngt. Wann een dat op déi reell preséiert Aarbechtsstonnen zrëckféiert, da bleift nach 45% vum Referenzstonneloun. Dat sinn offiziell Chifferen, an och do brauch ee sech net ze wonneren, datt eng ganz Partie Leit soen: Dat do maache mer net méi mat. Si sinn zwar meeschtens bereet, vill Stonnen ze schaffen an op e fräie Samschen a Sonnden ze verzichten, well dat gehéiert derzou, awer wann dann och nach de Revenu ënner 50% vum Referenzloun läit,